Net esou!

„Guttheet ass bekanntlech e Stéck vun der Dommheet“

Zitat vum Paul Kremer op RTL Radio zum Auslännerwahlrecht.

Wat sinn d’Argumenter fir de Jo?

Firwat sinn dës Argumenter falsch?

- D’Auslänner schaffen jo zu Lëtzebuerg an bezuelen hei Steieren an Kotisatiounen, also hunn si och en Recht fir matzedécdéieren.

NEE, an deem Sënn dierften jo nëmmen nach déi Leit wielen déi hei am Land Steieren bezuelen. All déi Leit mat klengen Paien, déi Aarbechtslos, Hausfraen, Studenten an déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, kéinten dann jo net méi wielen. An dann hätten mer erëm en Wahlsystem wéi virun 1919: Den sougenannten „suffrage censitaire“ bei deem just déi räich Leit konnte wielen goen, déi och genuch Steieren bezuelt hunn.

- An Neuseeland gëtt et och en Auslännerwahlrecht.

Dat stëmmt souguer, mä fir an Neuseeland iwwerhaapt eran ze kommen ass ganz schwéier. En Immigrant muss zum Beispill folgend Konditiounen erfëllen:

- eng gutt Gesondheet hunn
- Charakterlech einwandfräi sinn
- d’Nationalsprooch beherrschen
- net méi al sinn wéi 55 Joer

Dat ass also sou wéi wann mir just déi Auslänner géifen eran loossen déi eis

Sprooch schonn schwätzen! Méi zur Immigratioun an Neuseeland: http://www.neuseeland-einwanderung.de/Self-assessment/Self-Assessment.php

- D'Nationalitéit spillt haut keng Roll méi.

Dach! Op der Welt ginn et ronn 200 Staaten, also 200 Natiounen. An wann mir d'Situatioun op der Welt kucken, och an der Europäescher Unioun, dann gesi mir, dass d'Nationalitéiten erëm eng ëmmer méi wichteg Roll spillen. Wann mir als eenzegt Land eis Nationalitéit opginn dann fueren déi aner Natiounen Schlitt mat eis!

- Déi Lëtzebuerger Sprooch ass en „facteur d'exclusion" an déi politesch Debatten sollten op franséisch gefouert ginn.

NEE! Lëtzebuergesch ass eis Nationalsprooch an eis Mammesprooch. Mir loossen eis de Mond vu Kengem verbidden. Vill Auslänner léieren Lëtzebuergesch an verstinn dann och déi politesch Debatten.

- Et ass dach egal wéi een Pass een huet.

NEE

Éischtens: Spéitstens dann wann een muss reesen ass dat guer net méi egal. Well deemno wéi een Pass, dass een huet gëtt een an deenen verschiddenen Deeler op der Welt, op dat elo zum Beispill an Afrika, an China oder am Venezuela ass, ganz anescht behandelt. An et interesséiert déi och net wou een wunnt mä just wat een ass.

Zweetens: En Auslänner muss sech un d'Gesetzer vun sengem Heemechtsland halen. 1. Beispill: Zwee Katarien déi zu Lëtzebuerg wunnen mussen sech un d'Gesetzer vum Katar halen. 2. Beispill: Een Amerikaner deen zu Lëtzebuerg wunnt muss sech un amerikanesch Gesetzer halen. An wann en dat net mécht dann kënnen se him de Pass ewech huelen. Dat kann Lëtzebuerg net.

- Lëtzebuerg huet keng eegen Identitéit, kann also och keng verléieren.

Schlëmm genuch dass een sech sou Saachen muss unhéieren!

- Zu Lëtzebuerg wunnen ëmmer méi Auslänner, elo bal 45%. Déi Leit dierfen net matwielen fir d'Chamberwahlen. Déi Situatioun ass eng Gefor, fir de sozialen Zesummenhalt an d'Zukunft vun eisem Land.

NEE, d'Zesummeliewen zwëschent Auslänner an Lëtzebuerger ass gréisstendeels ganz gutt, an et ass iwwerhaapt keng Gefor do. D'Auslänner akzeptéieren iwwregens ganz gutt dass si net fir d'Chamber wielen kënnen mä fir hier eegen national Parlamenter wielen.

-Et ass dach inakzeptabel, dass déi netlëtzebuerger Awunner déi selwecht Pflichten, awer net déi selwecht Rechter wéi d'Lëtzebuerger hunn.

NEE well, éischtens ass dat an all Land vun der Welt esou: En Auslänner kann nun mol net Chef vun eisem Geheimdéngscht ginn oder Generol vun eiser Arméi.

An zweetens huet den Auslänner net déi selwecht Pflichten vis-à-vis vum Staat wéi den Lëtzebuerger: En Auslänner kann zum Beispill net fir en Militärdéngscht oder ähnleches gezwongen ginn. Doriwwer eraus ass et méiglech dass de Staat engem Lëtzebuerger de Pass anzitt. Dat ass awer net méiglech bei engem Auslänner.

- 1919 kruten d'Fraen d'Wahlrecht an d'Auslännerwahlrecht ass mam Fraewahlrecht ze vergläichen.

NEE, dëst Argument ass eng Frechheet fir all Fra well et d'Bedeitung vun deem Fraewahlrecht vun 1919 erofspillt. D'Auslänner dierfen awer am Géigendeel zu de Fraen deemools schonn wielen, an zwar fir dat Land wou si och de Pass hunn.

Et gëtt KEEN Argument fir de Jo.

Alles ass mat den Hoer erbäigezunn!

Dofir stëmmt de 7. Juni:

NEE zum Auslännerwahlrecht.